Groupe parlementaire

N° 6698
Entrée le 23.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Digitalminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Esou wéi déi éisträichesch Zeitung "Der Standard" schreift, ginn d'Donnéeë vun den Notzer bei der chineesescher Applikatioun "Tik Tok", déi zu Lëtzebuerg grad bei jonke Leit populär ass, besonnesch aggressiv gesammelt, well et net méiglech ass extern Links iwwert en externe Browser opzemaachen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, op dës Praxis vun Tik Tok och mat de Lëtzebuerger Dateschutzgesetzer kompatibel ass? Falls jo, kéint d'Regierung sech dann eng zäitno Gesetzesännerung virstellen, respektiv sech zu Bréissel fir eng Ännerung vun der DSGVO anzesetzen?
2) Den Dateschutz ass e Probleem dee jonk Leit allgemeng besonnesch staark betrëfft. Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung bis ewell geholl fir an der Schoul fir dës wichtegt Thema ze sensibiliséieren an de Schüler och bäizebréngen, wéi si hir Donnéeën eegeverantwortlech besser schütze kënnen?
3) Wéi beurteelt d'Regierung de Risiko, datt privat Donnéeë vu Lëtzebuerger Bierger an Drëttstaaten transferéiert kënne ginn an domat méiglecherweis och fir déi entspriechend Regierungen zougänglech ginn, notamment an net demokratesche Staate wéi der Volleksrepublik China?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

N°6698
Entrée le 04.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro N° 6698 vum 23. August 2022 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser, zu "Protection des données sur TikTok"**

1) **Kann d'Regierung matdeelen, op dës Praxis vun Tik Tok och mat de Lëtzebuerger Dateschutzgesetzer kompatibel ass? Falls jo, kéint d'Regierung sech dann eng zäitno Gesetzesännerung virstellen, respektiv sech zu Bréissel fir eng Ännerung vun der DSGVO anzesetzen?**

Well d'CNPD fir d'Appreciatioun vun der Kompatibilitéit vun enger Praxis mat den Dateschutzgesetzer kompetent ass, gouf si fir dës Äntwert consultéiert.

Vu dass keng konkret Elementer zur Verfügung stinn, kann d'CNPD d'Allégatioune vun der éisträichescher Zeitung "Der Standard" net iwwerpréiwen. TikTok, fir déi d'Mammenhaus a China etabléiert ass, huet hiren Haaptsëtz fir d'EU an Irland. De sougenannten "One-Stop-Shop" Mechanismus, dee vum generellen europäeschen Dateschutz Reglement ("RGPD"[1]) ageriicht gouf, gesäit vir, dass et un der irescher "Data Protection Commission" ass fir d'Konformitéit vun TikTok mat de Prinzippien an Obligatioune vum RGPD fir all Sammlung vu perséinlechen Donnéeë vun Awunner vun der Europäescher Unioun z'iwwerwaachen, onofhängeg vun der Technologie déi benotzt gëtt.

Betreffend der Sammlung vun Donnéeën unhand vu Cookien oder aner Traceren, muss TikTok déi national Bestëmmungen iwwer d'Protektioun vum Privatliewen am Beräich vun den elektronesche Kommunikatioune vun all EU-Memberland respektéieren, déi op der sougenannter "ePrivacy"-Direktiv baséieren (zu Lëtzebuerg, dat ofgeännert Gesetz vum 30. Mee 2005[2]). An dëser Hisiicht gëtt de Moment op europäeschem Niveau d'"ePrivacy Reglement" diskutéiert, fir méi Kohärenz mat de Reegele vum RGPD an eng harmoniséiert Interpretatioun vun de Regelen duerch déi verschidden Memberstaten an national Autoritéiten ze schafen.

2) **Den Dateschutz ass e Probleem dee jonk Leit allgemeng besonnesch staark betrëfft. Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung bis ewell geholl fir an der Schoul fir dës wichtegt Thema ze sensibiliséieren an de Schüler och bäizebréngen, wéi si hir Donnéeën eegeverantwortlech besser schütze kënnen?**

BEE SECURE ass eng Regierungsinitiativ, déi als Zil huet bei der Allgemengheet a besonnesch bei Kanner a Jugendlecher, souwéi hiren Elteren, Enseignanten an Educateuren, eng méi sécher, verantwortlech a positiv Notzung vun Informatiounstechnologien ze promovéieren. An deem Zesummenhang huet BEE SECURE 2022 eng éischte Kéier e Rapport iwwer d'Mediennotzung vun de Kanner a Jonken erausbruecht (BEE SECURE Radar).

[1] Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE (règlement général sur la protection des données), oder « DSGVO » op däitsch.

[2] Loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques.

D'Resultater aus dësem Rapport (BEE SECURE Radar 2022, Säit 18) hu gewisen, datt d'Sammlung vu perséinlechen Donnéeën um Internet fir dës Zilgrupp e Risiko ass, dee si am meeschte beschäftegt. Dofir ass dëst Thema op jiddefalls bei de Kanner a Jonken an hirem Ëmfeld ze thematiséieren.

Nieft de villen Informatiounen zu alle méiglechen Themen am Zesummenhank mat der Digitaler Welt, déi den SNJ am Kader vu BEE SECURE schonn zanter laange Joren um Site www.bee-secure.lu ubitt a stänneg ausbaut, z.B. fënnt ënnert dem Thema "Mes données et moi" méi Informatiounen dozou. Dernieft huet BEE SECURE och eng ganz Rei Publikatiounen zum Sujet, wéi ee seng Donnéeën eegeverantwortlech besser schütze kann.

Doriwwer eraus ginn all Joer fakultativ Sensibiliséierungsatelieren an de Schoulen organiséiert. 2021 goufen där ronn 1.200 ofgehalen. Ënnert deene Formatioun kann een déi mam Numm "Une journée au milieu des données" ervirhiewen, déi sech speziell u Schoulklassen ab 6e riicht a wou d'Sammlung vun Daten thematiséiert gëtt.

2017-2018 fir d'Aféierung vun der GDPR ze begleeden hat BEE SECURE och eng speziell Sensibiliséierungscampagne ënnert dem Numm "BIG DATA-Wer macht was mit méinen Daten?" bei de Jonke lafen.

Fir dat neit Schouljoer bitt BEE SECURE nach méi eng breet Offer un, ënnert anerem Sensibiliséierungskueren am Fondamentale ab dem Cycle 3 ("Un saut dans la toile",...) an eng weider Formation Continue zum Thema "Cybersecurity Essentials" fir d'Schoulpersonal.

Et ass awer net nëmme mat der bekannter Initiativ BEE SECURE, datt d'Regierung dësem Risiko Rechnung dréit. Souwuel an der Grondschoul wéi och am Lycée ginn et eng Rei Coursen, am Kader vun deene sech d'Schüler mat der Thematik vun der Datesécherheet auserneesetzen.

Am Fondamental gëtt dee Sujet z.B. am Cours "Vie et société" an de Modulen zu den Domaines d'apprentissage « L'homme, la nature et la technologie » a « Culture et communication » behandelt. D'Aféierung vum Coding an der Grondschoul zanter September 2020 bitt natierlech och de passende Kader, fir d'Theema vun der Datesécherheet opzegräifen.

De Guide de référence pour l'éducation aux et par les médias (Mediekompass), deen am Mäerz 2020 lancéiert gouf, ass en idealen Outil, fir mat de Schoulkanner um Theema ze schaffen, an hei ganz spezifesch am Domaine de compétence "Protection de données et sécurité", wou eng vun de viséierte Kompetenzen ass: Protéger les données personnelles et la vie privée.

Am Secondaire steet de Sujet am Kader vum neie Fach "Digital Sciences" (7e bis 5e) um Programm, besonnesch an den zwee Axes thématiques Le world wide web et ses défis a Les données informatiques et leur gestion. Dës Theeme ginn an deenen dräi Schouljoren ugeschwat, an dobäi ginn d'Reflexiounen a Kompetenze schrëttweis verdéift. Besonnesche Wäert gëtt op d'Plaz vum Mënsch a Relatioun mat der Digitaliséierung geluecht.

Schliisslech, a senge Kommunikatiounen, mécht BEE SECURE op d'Risiken déi d'Deelen vun Donnéeën, Fotoen oder Videoen op sozialen Netzwierker wéi TikTok opmierksam (zum Beispill an de Sektiounen "TikTok: Was Sie wissen sollten"[3] an "TikTok: TikTok: Was Eltern wissen sollten"[4], oder den Trainingscours mam Titel "TikTok, Instagram & Co. – Was machen Kinder und Jugendliche eigentlich derzeit online?").

---

[3] https://www.bee-secure.lu/de/news/tiktok-was-sie-wissen-sollten/
[4] https://www.bee-secure.lu/de/news/tiktok-was-eltern-wissen-sollten/

**3) Wéi beurteelt d’Regierung de Risiko, datt privat Donnéeë vu Lëtzebuerger Bierger an Drëttstaaten transferéiert kënne ginn an domat méiglecherweis och fir déi entspriechend Regierungen zougänglech ginn, notamment an net demokratesche Staate wéi der Volleksrepublik China?**

Den Transfert vun Donnéeë vu Lëtzebuerg oder aner EU-Länner an Drëttlänner (ausserhalb vun der Europäescher Unioun) gëtt strikt vum Kapitel V vum RGPD regléiert. Deemno, sou wéi och am Urteel C-311/18 "Schrems II" vum Geriichtshaff vun der Europäescher Unioun erënnert gëtt, mussen d’Responsabel vum Traitement (an dësem Fall TikTok Irland) virun all Transfert vu perséinlechen Donnéeën an en Drëttland (zum Beispill un d'Mammenhaus vun TikTok a China) den Niveau vun der Protektioun vun den Donnéeë vum Drëttland iwwerpréiwen. Wann de Niveau vun der Protektioun am betraffenen Drëttland net wesentlech gläichwäerteg ass mat deem, deen an der EU vum RGPD garantéiert ass (besonnesch wann d'Europäesch Kommissioun keng "Adäquatitéitsentscheedung" – “décision d’adéquation”, fir dat Land erausginn huet), da mussen d’Responsabel vum Traitement entspriechend Garantien ëmsetzen, falls néideg mat zousätzleche Garantie fir eng korrekt Applikatioun vun dëse Garantie sécherzestellen, oder si mussen, falls et onméiglech ass déi néideg Garantien ëmzesetzen, d'Transferten ënnerbriechen oder ganz ënnerloossen. Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 erkläert, ass d'iresch Dateschutzautoritéit verantwortlech fir d'Konformitéit vun TikTok Irland mat dësen Obligatiounen ze garantéieren.

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2022
De Kommunikatiouns – a Medieminister
(s.) Xavier Bettel